**30 Joer feste Prisong**
**Een Text fir d'Revue 2010: "Helleger Bimbam"**
© Roland Meyer

*Ee Verbriecher (Rollinger) gëtt no 30 Joer feste Prisong entlooss. Vun 2 Giischtercher gëtt hie bei säi "Bewährunghelfer" (Molitor) bruecht.*

Giischtchen 1: Da kommt, Här Rollinger. Elo hutt Der et gepackt.

Giischtchen 2: Den Här Molitor, Äre Bewährungshelfer, waart schonns op Iech.

Rollinger: Äre WAT?

Giischtchen 1: Äre Bewährungshelfer. Dir soutzt jo elo 30 Joer am Prisong.

Rollinger: Allerdings!

Giischtchen 2: A fir datt Dir elo net nees nei Dommheete maacht, wann Dir haut aus dem Prisong entlooss gitt, kritt Dir e Bewährungshelfer.

Giischtchen 1: Dien erkläert Iech, wat Dir elo alles musst maachen, wann Dir nees an d'Fräiheet kommt.

Rollinger: Ah, ech kann do net maachen wat ech wëll, an der Fräiheet? Ech muss dat gesot kréien?

Giischtchen 2: Dach, dach, mee wéi soll ech soen... dir waart elo laang net méi an der ... Fräiheet.

Rollinger: An da mengt Dir, ech bräicht een, die mir erkläert, wéi dat geet.

*Si kommen am Büro vum Bewährungshelfer un.*

Molitor: Gudde Moien! Dat ass net ëmmer esou einfach, mat der Fräiheet, Här Rollinger. An dofir sinn ech do. Molitor ass mäi Numm, Gaston Molitor. Ech sinn Äre Bewährungshelfer. Sëtzt Iech!

Rollinger: Elo hutt Dir 30 Joer op mech opgepasst. Mengt Dir net, dat ging elo bal duer.

Molitor: Dach, Här Rollinger. Mir wëlle jo net op Iech oppassen, nee nee, mir wëllen Iech hëllefen, an Ärem neie Liewen e bësse besser eens ze ginn.

Rollinger: A sou, ech hunn elo e neit Liewen. Hunn ech dat dann ieren an der Lotterie Nationale gewonnen. Hunn ech do d'grousst Lous gezunn?

Molitor: Do gesidd Dir et: dat gëtt et net méi! D'grousst Lous kënnt Dir elo just nach bei der Euromillion gewannen. Oder dir rubbelt am Picobello.

Rollinger: Picobello! Do schafft dach elo de Felix, gediet? Dat ass och kee Gudden, ech soen Iech et. Ech hunn eng Nues dofir.

Molitor: Neen, Här Rollinger, die sëtzt elo um Krautmaart a brennt Drëppen, die schafft net méi um RTL.

Rollinger: Do sëtzen dier elauter: um Glécksrad dréien, mat de Suen em sech geheien, eng Drëpp an en Humpen a soss net vill schaffen. Do ass de Jean Octave iewer méi seriö.

Molitor: Ma die schafft scho laang net méi op RTL.

Rollinger: Ass dien och um Krautmaart?

Molitor: Nee, an der Pensioun. Vun engem Dag op dien aneren war e schwonnen a ni méi gesinn.

Rollinger: An de Schlechteg Marcel?

Molitor: Och verschwonnen.

Rollinger: An de Estgens Nic?

Molitor: Verschwonnen!

Rollinger: An d'Astrid Lulling?

Molitor: Zu Stroossbuerg, also och verschwonnen.

Rollinger: Schafft hatt op der EG?

Molitor: Dat heescht haut EU. Europäesch Unioun. Op hatt do schafft wees ech net, hatt ass do!

Rollinger: Mäi Gott, um Enn kréien ech och meng gespuerte Sue net méi.

Molitor: Hutt Dir nach Suen op engem Compte?

Rollinger: Jo, op der Interbank!

Molitor: Déi gëtt et net méi. Da musst Dir op ....

Rollinger: An déi hu meng Frange nach?

Molitor: Nee,déi hu keng Frange méi. Déi hunn Är Euro.

Rollinger: Euro?

Molitor: Jo, dat ass déi nei Währung.

Rollinger: Eng nei Währung, hei zu Lëtzebuerg. A wat maachen ech dann elo mat all diene Frangen, déi ech am Besch verstoppt hunn?

Molitor: Eigenentlech dierft ech Iech jo do net hëllefen, mee Dir kritt se nach emgetosch.

Rollinger: Emtauschen??? Da muss ech se jo dohinner droen, wou se hier sinn. Da brengen d'Gendaarme mech nees esou séier heihinner, wéi Dir mech fortgeschéckt hutt.

Molitor: Leet Äre Kapp a Rou, et gi keng Gendaarme méi.

Rollinger: Keng Gendaarme méi. Da gëtt et elo iewer flott. Dat nennen ech wiirklech Fräiheet. Dat feieren ech den Owend bei engem gudde Patt Henri Funk.

Molitor: Die gëtt et och net méi.

Rollinger: Dann eben e gudden Dikkrecher.

Molitor: Da maacht Iech bäi, die kënnt elo geschwënn aus der Belsch.

Rollinger: Dikkrecher Béier aus der Belsch! Also mäi léiwen Här Molitor. Dien hei huet net vill geléiert, dien hei huet just 6. Schouljoer, mee eppes wees ech iewer ganz genee: dien hei drénkt keen Dikkrecher aus der Belsch!

Molitor: Ma dat gëtt et och net méi!

Rollinger: Wat?

Molitor: D'6. Schouljoer. Dat heescht elo Zikel 4.2.

Rollinger: Mee wéi sollen d'Kanner dann hieren Opnahmeexamen packen fir an de Lycée.

Molitor: Dien ass ofgeschaaft. D'Kanner kréien elo ee Bilan.

Rollinger: Dat geet net, wéi ech deemools op der Villeroy ugefaangen hunn, do huet de Patron mech no der Zensur vum 6. Schouljoer gefrot. Do hätt ech emol sollen esou ee Bilan weisen.

Molitor: Dat spillt elo keng Roll méi, wëll d'Villeroy et Boch gëtt et net méi zu Lëtzebuerg.

Rollinger: Dat war jo nëmmen e Beispill. Mee op der ARBED ass et dach d'selwecht. Ouni Zensur keng Plaz.

Molitor: Här Rollinger, d'ARBED heescht elo Arcelor-Mittal, gëtt vun engem Inder gefouert an d'Lëtzebuerger hunn do schonns laang näischt méi ze soen.

Rollinger: Keng ARBED méi? ... *Elo gëtt de Verbriecher ganz nodenklech* D'Land heescht jo iewer nach Lëtzebuerg, oder hu se dat och elo anescht gedeeft? A Roud-Wäiss-Blo ass jo ëmmer nach eise Fändel...

Molitor: … *Otemd déif duerch* Här Rollinger, kommt mir kucken dat alles elo méi praktesch: Dir braucht neit Gezei. Wann der wëllt, kann ech mat Iech goen dat kafen.

Rollinger: Dat ass net néideg, Här Molitor. Ech spadséieren herno duerch d’Groussgaass an da kafen ech mir e puer Boxen an e Paltong beim Monopol.

Molitor: Dien ass zou.

Rollinger: Zou?

Molitor: Faillite!

Rollinger: Da ginn ech bei de Rosenstiehl.

Molitor: Zou.

Rollinger: D’Renomée.

Molitor: Zou!

Rollinger: Maison Moderne.

Molitor: Zou.

Rollinger: Da ginn ech an de Kino, fir op aner Gedanken ze kommen: ech ginn an den Eldorado, do lafen dach déi Filmer, déi ech elo brauch.

Molitor: Dien ass zou.

Rollinger: An de Marivaux.

Molitor: Zou!

Rollinger: An de Victory.

Molitor: Zou!

Rollinger: Cité.

Molitor: Zou!

Rollinger: Da ginn ech de Futtball kucken. Ech ginn op d’Spora.

Molitor: Déi gëtt et net méi. Déi huet fusionnéiert.

Rollinger: Op d'Aris.

Molitor Fusionnéiert.

Rollinger: Bei d'Red Boys.

Molitor: Fusionnéiert.

Rollinger: Ma da ginn ech eben en Thüringer iessen.

Molitor: Die gëtt et och net méi.

Rollinger: Ech gi nach geckeg? Wat gëtt et dann iwwerhaapt nach hei??? Ech gi bei de Wimpy eng Tut Fritten iessen.

Molitor: Et gëtt keng Tut Fritte méi, just nach eng Portioun an de Wimpy gëtt et scho laang net méi.

*Elo sprengt de Verbriecher op.*

Rollinger: Här Molitor, ech sinn ee ganz schlëmmen... ee ganz schlëmme Verbriecher. Haalt mech hei am Prisong ...

Molitor: Ma dir sidd elo fräi, dir kënnt elo goen.

Rollinger: Ech wëll net an dat Land, wou et näischt méi gëtt. Ech bleiwen hei am Prisong!

Molitor: Mir kënnen Iech net hei halen. Fir alles wat Dir gestiicht hutt, soutzt Dir laang genuch!

Rollinger: Ech hunn der nach vill méi gestiicht! Dir wësst dat nach net alles, dir must mech heihalen ... ech sinn, ... ech sinn ... ech sinn de Bommeleeër!

Molitor: Dir kënnt elo goen, Här Rollinger. De Bommeleeër gëtt et och net méi. Dat waren d'Flicken!